Commission de la Jeunesse
Contact : David Kayser
E-Mail: david.kayser@suessem.lu
Téléphone: (+352) 59 30 75 - 614

# Reglement Quiz de Bal

Loscht op e Quizowend**?** Där ginn et der nawell eng Rëtsch uechtert d'Land, mee eise Quiz ass just fir déi Jonk!
Dir hutt tëschent 15 an 23 Joer a Loscht op e flotten Owend ënner Frënn? Da maacht mat um **Quiz de Bal**!

**Organisatoresches**

- Freides, 28. Mäerz 2025
- Schoul 2000, 53, rue de Belvaux, L-4418 Soleuvre
- Dieren: 19.00 Auer
- Ufank vum Quiz: 19.30 Auer
- Teams: 3-5 Participanten
- Altersgrupp: All Participant e muss tëschent 15 an 23 Joer al sinn
- Participatioun: 10 € pro Ekipp (All Ekippemember kritt 1 gratis Gedrénks)
- Sprooch: De Quiz ass a lëtzebuergescher Sprooch
- Highlights: Animatioun, DJ & flott Präisser

## Wichteg Informatiounen & Reglement

**Regelen um Quizowend**

- D'Benotzung vu Quelle wéi Handyen, Smartwatches oder aner elektronesch Geräter ass strikt verbueden
- Am Fall vu Punktegläichstand, entscheet eng Stéchfro iwwert déi genee Plazéierung
- D'Zäitlimitt fir op eng Fro ze äntweren, muss agehale ginn
- En Austausch mat aneren Ekippen wärend enger Quizronn ass net erlaabt a kann zu Strofpunkten féieren
- Äntwerten dierfen net haart an de Raum geruff ginn, ausser dëst ass am Virfeld kommunizéiert ginn
- Wärend dem Quiz dierfen d'Ekippememberen net wiesselen
- De Punktesystem kritt all Ekipp virum Ufank vum Quiz erkläert an ass net verhandelbar
- Verbuede sinn: Beleidegungen, Onrou stëften, aggressiivt Verhalen
- Eng Ekipp déi ze spéit kënnt, dierf méiglecherweis nach um Quiz deelhuelen, kritt d'Punkten aus de scho gespillte Ronnen allerdéngs ofgehalen

**Material**

- Bréngt wgl. Bicker mat. De ganze Recht vum Material kritt dir vun der Organisatioun gestallt

Commission de la Jeunesse
Contact : David Kayser
E-Mail: david.kayser@suessem.lu
Téléphone: (+352) 59 30 75 - 614

**Jury-Richtlinnen**

- D'Jury huet d'Recht, Entscheedungen no hirem Ermissen ze treffen, besonnesch bei strittige Froen oder onkloerem Spillverlaf
- D'Jury ka bestoende Punkten upassen oder Ekippe Strofpunkte ginn, wa se sech net un d'Reegelen halen
- Am Fall vun engem grave Verstouss huet d'Jury d'Recht eng Ekipp ze disqualifizéieren. D'Organisateuren hunn och d'Recht eng Ekipp aus dem Sall ze schécken
- D'Urteel vun der Jury kann net ugefecht ginn

**Bezuelung & Bestätegung**

- Nodeems där iech ugemellt hutt, kritt dir vun eis eng Confirmatioun an all den Donnéeë fir är Participatioun vun 10€ pro Ekipp ze bezuelen. Dono ass är Umeldung komplett

**Annulatioun & Remboursement**

- Annulatioune bis 48 Stonne virum Event gi rembourséiert. All Annulatioun déi manner wéi 48 Stonne virum Event erakënnt, gëtt net rembourséiert

**Recht vun der Organisatioun**

- D'Organisatioun hëlt sech d'Recht, am Zweiwelsfall d'Identitéit an d'Alter vun de Participanten ze iwwerpréiwen. Kee Participanten ass verpflicht, sech auszeweisen, mee wann een eng Spiller in refuséiert, seng hir Identitéit ze bestätegen, kann en se vum Quiz ausgeschloss ginn.
- D'Organisatioun hëlt sech d'Recht, d'Reglement zu all Moment unzepassen oder ofzeänneren, falls néideg

**Foto- a Bildrechter**

- Während dem Event kënnen d'Organisateure Fotoen a Videoe maachen. Duerch d'Participatioun um Quiz stëmmt dir zou, dass dës Opnamen fir d'Kommunikatioun an d'Promotioun vum Event benotzt kënne ginn.
- • Sollt dir net op Fotoe festgehale ginn, deelt dëst der Organisatioun virum Event mat.
  • Am Fall vun enger Veréffentlechung muss de Copyright kloer gekennzeechent ginn.

**Verbindlechkeetskläerung**

- D'Umeldung gëllt als Engagement, sech un dëst Reglement ze halen an d'Decisioune vun der Jury an der Organisatioun unzeerkennen

**Datenschutzrichtlinnen**

- D'Organisateuren garantéieren, datt all persönlech Donnéen, déi bei der Umeldung uginn ginn, vertraulech behandelt ginn an net un Drëttpersoune weidergeleet ginn. D'Date ginn ausschliisslech fir d'Organisatioun vum Event benotzt a maximal 365 Deeg gehalen.
- D'Organisateuren notzen är Date fir iech bei enger méiglecher nächster Editioun ze kontaktéiere fir deelzehuelen. Sollt dir dëst net wëllen, dann deelt der Organisatioun dëst schrëftlech mat. An deem Fall ginn är Daten direkt nom Event zerstéiert

Commission de la Jeunesse
Contact : David Kayser
E-Mail: david.kayser@suessem.lu
Téléphone: (+352) 59 30 75 - 614

**Organisateuren**

- Organiséiert vum Jugendtreff SABA an der Commission de la jeunesse vun der Gemeng Suessem
- Kontakt: jugend@suessem.lu oder via Telefon um 593075-614

**Catering**

- Déi Jonk aus dem Jugentraff SABA verkafe Bréiderscher, Snacks a Gedrénks op der Plaz
- Keen Alkohol ënner 18 Joer

**Dëse Quiz steet am Zeeche vum Spaass a gëtt organiséiert, fir e gemittlechen a flotte Moment mateneen ze verbréngen!**